



VU BUEDEM BAUZEN A BIOBAUEREN

D'Spill zum Film



Wuerterklärungen

Wuerterklärungen

Anorganeschen Dünger

→ Bei Mineraldünger kucken.

AntiGaspi-Campagne

AntiGaspi.lu ass eng Sensibiliséierungscampagne vum Landwirtschaftsministère, fir manner Liewensmëttelen am Alldag ze verbëtzten.

Biodiversitéit

Ënner Biodiversitéit versteet een d'Verfältnis vun de Liewensformen an de Liewensraim (Ökosystemer).

Bio-Fudder

Wann e Bio-Betrieb Fudder (Hee, Kären ...) muss dobäikafen, well seng

eege Produktioun net duergeet, da muss d'ëst Bio-Fudder aus engem Bio-Betrieb kommen; et gëtt probéiert, aus der Region dobäizekafen.

Bio-Kontroll

→ Bei Bio-Krittere kucken.

Bio-Krittere

Et gëtt e Reglement an der EU (mat der Nummer 2018/848), dat festleet, no wéi eng Krittäre e Bio-Betrieb, sief et e Landwirtschafts-, Verarbeitungs- oder Handelsbetrieb, muss wirtschaften. Dës Virschrëfte ginn op d'mannst eemol d'Joer kontrolléiert, fir datt d'Betriber an hir Produiten den EU-Bio-Label d'ärfen droen. Doriwwe eraus gëtt et Bio-Verbänn (BioLëtzebuerg, Demeter ...), déi och Labele verginn

u Betriber, déi zousätzlech Krittären erfëllen.

Bio-Produiten (certifiéiert)

Eemol d'Joer gi sämtlech Etappe vun der Bio-Liewensmëttelproduktioun kontrolléiert (ginn d'EU-Bio-Veruerdnung an eventuell Zousazrichtlinne vun de Bio-Verbänn agehalen?) an duerno dann och certifiéiert.

E Beispill: En Äerdbiersjugurt kritt nëmmen dann de Bio-Label, wann esouwuel d'Mëllech wéi och d'Äerdbier aus certifiéierte Bio-Betriber kommen an och an enger certifiéierter Bio-Molkerei verschafft goufen. All Hierstellungsprozess muss dokumentéiert ginn an ze kontrolléiere sinn, fir datt den Endproduit de Bio-Label ka kréien. Domat sinn

d'Bio-Produiten déi mat am besch-
ten an am heefegste kontrolléiert
Liewensmëttelen um Marché.

Bléisträif

Bléisträife sinn Deeler vum Aker
(dacks de Bord), déi mat Blummen
a Wëllplanzen ugeséit sinn. Hei fan-
nen Insekten an aner Déiere Fudder
a Liewensraim.

Buedemverdichtung

Wann de Buedem sech verdicht,
also méi kompakt gëtt, well z. B.
schwéier Maschinnen driwwer fue-
ren, ass manner Loft am Buedem.
Fir d'Liewewiesen, déi am Buedem
liewen, wéi de Reewuerm, ass dat
schlecht. Si doe sech schwéier, fir
sech duerch esou e feste Buedem
ze wullen. Et kann een dann net

méi richtig vun engem liewege
Buedem schwätzen.

Drotwurm

D'Drotwurm si Larve vu verschid-
dene Käferaarten, déi sech gäre vu
Rommelen, Gromperen, Muerten
an anerem décke Wuerzelgeméis
ernieren. Dorop hannerloosse si
dann Ubuerungen a kleng Tunnelle
vu bis zu dräi Millimeter Duerch-
miesser.

Ekosystem

Ënner Ekosystem versteet een eng
Liewensgemeinschaft (Biozönos)
vu Planzen, Déieren a Mënschen,
déi zesammen op enger Plaz (Bio-
top) liewen. Zu engem Ekosystem
gehéiere souwuel onbelieft (abio-
tesch) wéi och lieweg (biotesch)

Bestanddeeler.

Erosioun

Ënner Erosioun versteet een d'Ofdroe vu Steen oder Buedem. An der Landwirtschaft ass virun allem de Verloscht vun der ieweschter, fruchtbarer Buedemschicht problematesch. Am Fall vu staarkem Reen kann et zur Erosioun kommen: Wann net genuch Planzen do stinn, déi mat hire Wuerzelen de Buedem festhalen, gëtt de Buedem gären ewechgespullt. An der EU ginn esou all Joer ronn 970 Milliounen Tonne fruchtbare Buedem duerch Waassererosioun verluer. Och de Wand kann a Periode vun Dréchent de gudde Buedem ewechblösen. Am Hierscht 2022 gouf eng interessant Kaart iwver d'Buedem-

erosioun zu Lëtzebuerg um
geoportail.lu publizéiert.

EU-Agrarpolitik

D'*Europäesch WirtschaftsGemeinschaft* (EWG) war e Virleefer vun der *Europäescher Unioun* (EU). Hir Memberstaaten hu sech 1962 op eng *Gemeinsam AgrarPolitik* (GAP), respektiv *Politique Agricole Commune* (PAC), gëeenegt. D'GAP/PAC gëllt als eng Partnerschaft tëschent der Landwirtschaft an der Gesellschaft a soll et erméiglechen, datt d'Aarbechtsplazen an der Landwirtschaft erhale ginn, datt de Bauer e gerecht Akommes huet, datt de ländleche Raum ënnerhale gëtt an datt et Liewensmëttel vu gudder Qualitéit an zu sozial-gerechte Präisser gëtt. D'GAP gëtt

ëmmer fir eng Period vu 7 Joer festgeluecht, déi aktuell gëllt vun 2020 bis 2027.

EU-Bio-Direktiv

→ Bei Bio-Krittäre kucken.

EU-Bio-Label

Den EU-Bio-Label ass eng Garantie fir de Konsument, datt all Produit mat dësem Label no dem EU-Bio-Reglement kontrolléiert an certifiéiert gouf. De Begrëff Bio ass gesetzlech geschützt an d'Bio-Produktioun gëtt an Europa als Qualitätsproduktioun ugesinn. Ënner dem Label steet och, aus wat fir engem Land de Produit kënnt.

Flächegebonden Déierenhaltung

E Bio-Betrieb schafft es so weit wie möglich an engem zougene Kreeslauf a produzéiert d'Fudder fir seng Déiere selwer. E kann also nümme so vill Béischten halen, wie en och vu senger Fläche hier erniere kann. Dat nennt ee flächegebonden Déierenhaltung.

Fruuchfolleg

Ënner Fruuchfolleg versteet een d'Reiefolleg, an där verschidde Kulturen op engem Aker iwwe méi Joren ugebaut ginn. Gëtt z. B. Kléigras ugeplant, fir d'Fruchtbarkeit vum Buedem ze verbessern, kann duerno beispillsweis Weess a spéider Gromperen oder Muerthen ugeplant ginn, wourop da

Leguminose mat Geescht oder Kar ugeplant kënne ginn. Eng gutt geplangte Fruchtfolleg erlaabt et, d'Fruchtbarkeet vum Buedem ze erhalen an den Ertrag nohalteg ze steigere.

Gefligel

Zum Gefligel gehéieren an der Landwirtschaft all d'Déieren, déi Plommen hunn, z. B. Hénger, Pouleten, Schnuddelhénger, Wuechtelen, Gänsen, Inten.

Geneetesche Diversitéit

D'geneetesche Diversitéit bezitt sech hei op d'Veerschiedenheet vun de Kulturen. Fir eng grouss natierlech geneetesche Diversitéit ze erhalen, solle wa méiglech vill verschidde Varietéiten ugebaut ginn, fir datt esou vill

Varietéite wéi méiglech fir d'Zukunft erhale bleiwen.

Goldaen

D'Goldaen si Mécke mat ganz dënne, bal duerchsichtige Flilleken. Si kënne géint Blatlais hëllef, well hir Larven d'Blatlais friessen. Duerfir sinn d'Goldaen an der Bio-Landwirtschaft vu grousem Notzen.

Humus

Ënner Humus versteet een all organesch Substanz am Buedem, onofhängeg vun hirem Zersetzungsgrad. Humus ass fir d'Buedemfruchtbarkeet vu grousser Bedeutung an dréit entscheidend zu der Formatioun vun der Buedemstruktur bäi. Humus ass e Späicher fir Waasser, Nährstoffer, awer och

fir Schuedstoffer an e schafft Liewensraum fir Buedemorganismen.

Knöllchebakterien

D'Knöllchebakterie liewen am Buedem a kënne mat Leguminosen eng Symbios (Liewensgemeinschaft tëschent zwou verschidde-
nen Aarten, déi sech géigesäiteg beim Wuesstem ënnerstëtzen) agoen: D'Knöllchebakterie fixéieren de Stéckstoff (N), e wichtege Nährstoff fir de Planzewuesstem, a stellen en de Wuerzele vun der Planz zur Verfügung. D'Planzen hirersäits versuerge d'Knöllchebakterie mat Energie an der Form vun Drauwenzocker an aneren Nährstoffer.

Kreeslaf (zouenen)

Wann een d'Fudder fir seng Déieren aus den eegenen Akerfläche bezitt an duerno d'Mëscht vun den Déieren zeréck op d'Felder féiert, fir mat dësen Nährstoffer de Buedem ze düngen, sou datt Planze gutt kënne wuessen, da schwätzt ee vun engem zouene Kreeslaf an der Landwirtschaft.

Kulturen

Ënner Kulture versteet een an der Landwirtschaft Notzplanzen, also d'Fruucht, déi de Bauer ubaut. Et gëtt verschidden Aarte vu Kulturen. Méijäreg Kulture wéi Kléigras a Lisère wuessen zwee bis dräi Joer. Eejäreg Kulture sinn z. B. Weess, Huewer, Geescht, Triticale, Kar, Gromperen, Rommelen. Bei

den eejäreege Kulture gëtt tëscht
Summerkulturen (Summerungen)
a Wanterkulturen (Wanterungen)
ënnerscheet; Grompere sinn z. B.
eng Summerkultur, well si am Fréi-
joer gesat an am Hierscht aus dem
Buedem geholl ginn. Wanterunge
wéi de Wanterweess ginn am
Hierscht geséit a si wanterfest, d. h.
si gi mam Frascht gutt eens.

Kupéieren

Wann en Déier kupéiert gëtt, da
gëtt him operativ e Stéck vun
engem Kierperdeel ofgeschnidden
(z. B. en Deel vum Schwanz, vun
den Oueren, vun de Fiederer, vum
Schniewel).

Leguminosen

D'Leguminose sinn eng Planze-

famill vun de Fabaceae, déi och
ënner dem Numm Hülsefrüchtler
oder Schmetterlingsblütler bekannt
sinn. Et ënnerscheet een tëscht
Kärenhülsefrüchtler wéi Ierbessen,
Bounen, Lupinnen a Soja a Fudder-
hülsefrüchtler wéi Kléi, Lisère an
Espaceetten. Dës Planzefamill kann
iwwe d'Symbios mat de Knöllche-
bakterien de Stéckstoff (N) aus
der Loft fixéieren an als Nährstoff fir
hire Wuesstem notzen. De fixéier-
te Stéckstoff an déi ofgestuerwe
Planzen- a Wuerzelreschter stinn
dann deene Planzen, déi als nächst
ugebaut ginn, zur Verfügung.

Mechanesch Onkrautbekämpfung

Mat den ugebaute Kulture kon-
kurréiere gären aner Planzen, déi

den Ertrag können erfsetzen. Et schwätzt ee vu Bäckraut oder Onkraut. An der Bio-Landwirtschaft ginn dës mechanesch ewechgemaach. Dës Bäckraider kéngen normalerweise méi séier wéi déi ugebaute Kultur, esou datt de Bauer se ka mam richtege Geschier erausrappen an um Feld verdréchnen loosse, ier d'Haaptkultur dann ufänkt ze wuessen.

Mëschkultur

Als Mëschkultur bezeechent ee verschidden Notzplanzen, déi zesammen ugeplant ginn, z. B. Huewer an Ierbessen als Fudder fir d'Kéi.

Mineraldünger

Mineraldünger sinn Nährstoffer, déi aus Mineralien (Salzer) gewon-

ne ginn. Dësen anorganeschen Dünger ënnerstëtzt manner d'Zesummespill vu Buedemliewen a Buedemstruktur.

Nätzleng

En Nätzleng ass en Déier oder en Organismus, dee sech der Landwirtschaft doduerch als nätzlech erweist, well e Schiedlengen a Schach hält, z. B. d'Himmelsdéierenchen, dat gär Blatlais frësst.

Notzdéier

Als Notzdéier bezeechent een en Déier, dat de Bauer op sengem Haff hält an dat e Produit liwwert. Déi bekanntste si Kéi, Ranner, Gefligel, Schof a Schwäin, déi entweder Mëllech ginn respektiv Eeër leeën oder vun deenen z. B. d'Fleesch ver-

schafft gött.

OGM

En OGM ass en *Organisme Génétiquement Modifié*, also e geenmanipuléierten Organismus (Planzen, Mikroben ...). Dës kënnen z. B. méi resistant gégeniwwer vu verschiddeenen Herbiziden, Pestiziden, Kränkten a Schiedlunge sinn. An Europa dierfe keng geenmodifizéiert Planzen ugebaut ginn; allerdéngs kënne se a Form vu Fudder aus Net-EU-Länner an d'EU importéiert ginn.

Organeschen Dünger

Op engem Haff entsteet op natierlech Aart a Weis organeschen Dünger. Duerch d'Ausscheidung vum de Béische falen am Stall Piff a

Möscht un. Dës ginn dann duerno op d'Feld oder d'Weed ausgefouert. Et gött Betriber, déi d'Möscht an d'Stréi zousätzlech nach kompostéieren, ier se se ausféieren, esou kënnen d'Planzen d'Närstoffer besser ophuelen. D'Buedemqualität kann och mat Gréngdüngungen (Uséie vu bestëmmte Planzen) verbessert ginn.

Pestizid

Pestizide si Mëttelen, fir Schiedlengen oder Krankheetserreeger op Planzen ze vernichten. Et schwätzt een och nach vu Planzeschutzmëttelen. Fir bei der Recolte eng gewëss Qualitéit a Quantitéit ze garantéieren, gi Planzeschutzmëttelen benotzt, fir Krankheeten, Schiedlengen an Onkraut ze regu-

léieren. Zu hinnen zielen Herbiziden (Mëttele géint Onkraut), Fungiziden (Mëttele géint Pilzbefall), Insektiziden (Mëttele géint Insekten), Akariziden (Mëttele géint Milben), Planzewuesstemsregulatoren a Repellentien (Ofwiermëttelen, z. B. géint Mais). Planzeschutzmëttele kann een a cheemesch-syntheetesch, cheemesch a biologesch Planzeschutzmëttelen ënnerdeelen. Cheemesch Mëttele baséieren op natierlechen Elementer (oder Verbindungen) wéi Koffer oder Schwiefel. Cheemesch-syntheetesch Mëttele ginn aus cheemesche Basisstoffer kënschtlech hiergestallt. Zu de biologesche Planzeschutzmëttele gehéieren den Asaz vun natierleche Wierkstoffer, esou wéi d'Erhalen, d'Fërderen an

d'Usidele vu liewegen nätzlechen Organismen.

Planzeschutzmëttel

→ Bei Pestizid kucken.

Reebëschofholung

D'Ofholze vun de Reebëscher bréngt verschidde Problematike mat sech. Net nëmme geet de Reebëscher als eenzegaartegen a komplexen Ekosystem verluer an et ginn eenheemesch Vëlker vun hirem Land verdriwwen, mee déi nei gewonne landwirtschaftlech Fläche gi groussflächeg fir intensiv bewirtschaft Monokulturen (Palmuelegplantagen, Sojafelder ...) genotzt, déi déi fruchtbar Biedem oft séier aussuckelen. Zum Beispill ginn dës Sojabounen ënner

anerem an Europa verkauft, wou se als Kraaftfudder an der Fleisch-, Eeër- a Mëllechproduktioun agesat ginn.

Regionaalt Bio-Fudder

→ Bei Bio-Fudder kucken.

Schiedleng

Schiedleng wéi z. B. Blatlais kënne sech ënner bestëmmte Konditiounen (wéi dem Wieder) a kuerzer Zäit staark multiplizéieren. Wann déi sougenannte Schuedschwell iwwerschratt gëtt, kënnt et bei der ugebauter Kultur potenziell zu grouse Verloschter. An der Bio-Landwirtschaft si keng cheemesch-syntheetesche Planzeschutzmëttelen erlaabt, dofir ginn natierlech Hëllefsmëttelen wéi Pflanzenextrakter an

Nätzlengen, déi d'Eeër oder d'Larve vum Schiedleng zerstéieren oder friessen, agesat, fir esou den Ertrag vun der Kultur ofzesécheren.

Stéckstoff

Stéckstoff ass am Periodesystem als N bekannt a ronn 78 % vun der Loft bestinn aus Stéckstoff. Et ass e wichtegen Nährstoff, fir datt Planze gutt wuessen, allerdéngs kënnen d'Planzen de Loftstéckstoff net selwer direkt bannen. An der Landwirtschaft gëtt dofir meeschtens Kalkammonsalpeter (KAS) als minéralesche Stéckstoffdünger, deen an der cheemesch-syntheetescher Produktioun iwver déi energieopwändeg Haber-Bosch-Method hiergestallt gëtt, agesat. De KAS ass waasserléislech an d'Planze

kënnen e gutt ophuelen, sou datt se séier wuessen, dofir bilde se awer oft nëmme flaach Wuerzelen a si méi ufälleg fir ëmzefalen. De mineralesche Stéckstoff kann och d'Grondwaasser belaaschten. Alternativ kënnen Leguminosen op natierlech Aart a Weis, a Symbios mat Knëllchebakterien, Stéckstoff fixéieren an en esou och anere Planzen zur Verfügung stellen.

Tëschefruucht

Eng Tëschefruucht gëtt tëschent zwou Haaptkulturen ugeplant, fir de Buedem virun Erosioun, awer och fir d'Grondwaasser viru Belaaschtung mat Nitrater ze schützen. Nom Karschnatz gëtt e Feld also net einfach brooch leie gelooss. De liicht waasserléisleche

Stéckstoff, deen nach am Buedem ass, an d'Närstoffer, déi beim Zersetze vun de Planzereschter fräigesat a méiglecherweis aus dem Buedem erausgewäscht ginn, kënnen duerch eng Tëschefruucht (z. B. Moschter) an neie Planze gespeichert ginn. E weidere Virdeel: De Buedem ass iwwer de Wanter bedeckt, wat Buedemerosioun verhënnert an Insekten a Reewierm Schutz bitt an hinnen ze friesse gött.

True Cost Accounting

Ënner True-Cost-Accounting versteet een eng Form vu finanzieller Analys, déi net nëmmen déi geleefteg Recetten an Depensen an engem Betrib matenee vergläicht, mee och allméiglech Externalitéiten. Dat heescht, direkt an indirekt

Auswirkunge vun enger wirt-
schaflecher Aktivitéit op d'Ëmwelt
an op dat soziaalt a gesellschaft-
lecht Ëmfeld ginn an d'Rechnung
matabezunn.

Wëllplanzen

Wëllplanze si Planzen, déi natier-
lech dobausse wuessen, wéi z. B.
d'Kaméileblumm, d'Feierblumm,
d'Karblumm. Si spillen eng wichteg
Roll, fir d'Biodiversitéit ze erhalen,
a ginn dofir dacks zousätzlech bei
engem Aker ugeséit (→ kuck och
bei Bléisträif).

Wäertschöpfungsketten

Hei drënner versteet een, vereinfacht
ausgedréckt, datt déi ver-
schidden Etappe vun der Produk-
tion vuneneen ofhängeg sinn an

alleguerten eng Plus-value schafen, z. B. gëtt aus Käre Miel, aus Miel Deeg, aus Deeg Brout, aus Brout e Croque-Monsieur.

Zorteversich

Fir dem Bauer bei der Auswiel tëschent de verschiddene Planzenzorten ze hëllef, ginn Zorteversich ugeluecht. Et gëtt getest, wéi eng Qualitéiten déi eenzel Zorten hunn: Ass dës Zort Weess besser als Fudder oder eegent se sech besser, fir Brout ze baken? Wéi ufälleg oder resistent sinn déi eenzel Zorten op verschidde Kränkten, Schiedlengen oder aner Contrainten? D'Versich ginn op ënnerschiddleche Standuerter gemaach, fir ze kucken, wéi d'Zorte sech ënner de verschid-

nisser zu Lëtzebuerg entwéckelen.

Zweenotzungsrasse

Vill Déiererasse sinn op eng Qualitéit hi geziilt geziicht ginn. Et gëtt z. B. Hénger, déi vill Eeër leeën, an et gëtt Hénger, déi gutt Fleisch usetzen an duerno och als Poulet verkaaft ginn. Eng Zweenotzungsrasse wier z. B. en Hong, dat esouwuel Fleisch usetzt a reegelméisseg Eeër leet.



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

ISBN

978-99959-1-471-4

Editeur

Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation
pédagogiques et technologiques (SCRIPT)

Redaction

SCRIPT

Vereenegung fir Biolandwirtschaft Lëtzebuerg a.s.b.l.

Design an Illustratiounen

SCRIPT

Drock

Imprimerie Centrale S.A., Lëtzebuerg

